ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.

Op enger Manifestatioun vun der „Conférence générale de la jeunesse du Luxembourg" (CGJL) ass de Problem vun de Wunnengen hei am Land en Haaptthema gewiescht, wéi an der Presse ze liese war. Bei där Geleeënheet hätt de Fraktiounschef vun der Madame Wunnengsbauminister hirer Partei, dem „Luxemburger Wort" no, de Jugendorganisatioune vun der CGJL versprach, „dass die Miet- und Kaufpreise künftig gedeckelt und Baulücken vom Staat gefüllt" ginn.

Dowéinst wéilt ech der Madame Minister fir Wunnengsbau dës Froe stellen, an zwar onofhängeg dovun, op dat wat an der Presse stoung esou gesot ginn ass oder net:

1. Huet Äre Ministär konkret Pläng fir de Loyer hei zu Lëtzebuerg ze kontrolléieren an en Plafong fir Loyere festzeleeën? No wéi enge Modalitéiten?
2. Huet Äre Ministär konkret Pläng fir d'Kafpräisser fir Immobilien ze kontrolléieren an Héchstpräisser dofir festzeleeën? No wéi enge Modalitéiten?
3. Huet Äre Ministär konkret Pläng fir vum Staat aus Baulücken mat Wunnraum ze fëllen?
4. Iwwer wat fir e Wee wéillt de Staat an dësem Fall d'Recht kréien, iwwer privat Grondstécker ze decidéieren? A wéi engem Zäitraum an a wéi enge Gemengen?
5. Wann et konkret Projete gëtt, sinn déi schonn esou sprochräif, datt de Fraktiounschef vun der DP kann dovu wëssen a si als fest Versprieche public maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten